



DIELESCHT VOITURE

E löschtetg Steck matt 6 Perso'nen

E Schaffner
Eng zimlech korpulent Perso'n
Eng go'ereg Perso'n
Eng Märtfrâ
E jongt Medchen
Eng âl Me'mi

Decors: Setzt en etlech Still matt de Recker zesummen an d'Voiture ass ferdeg. Fir d'Fönsteren an d'Heizung op an zo' ze mâchen, brauchen nömme di b'treffend Gesten gemach ze gin.

Schaffner : (riift zu de Kulissen aus) Ass di Voiture hei lass gekrempt?

Eng Stömm vu baussen: Jo ...

Schaffner : Dann häng nach e Schöld drun, dass d'Leidd et gesin... dass mer der net erem eng ganz Partie heilossen, we' di leschte Ke'er. ...

Vu baussen: Et hängt schon drun ...

Schaffner: (fir sech) Loss mer d'Fönsteren nach eropze'en.. (Hie mecht de Gest fir d'Fönsteren eropzeze' en a gêt dann aus)

Di korpulent Perso'n kent gleichdrop eran : Pff..ff.. Pfff...ff...
Wât eng Hötzt ... (Si le'sst sech op e Stull fâlen, zitt e Schnappech aus der Posch a wescht sech de Schwês ôf. Si iergert sech :) Pff... fff ... we' dompech ...
Fir ömzetrellen ... pfff... (Si kuckt rondem sech, sprengt an engem Sätz op :) Natirlech ... we' emmer, sämtlech Fönsteren zo' ... onerhe'ert ... bei eso' enger steckseger Loft... et ass jo net auszehâlen .. pff..ff.. (an engems ass se sech iergert, zitt se d'Fönsteren erem erôf) Wo' kann e Mönch bei der Hötzt d'Fönsteren zo' mâchen... pff ... fir z'erstecken ... (si dre'nt sech e beschen em a bleiwt entrüst stoen ..) Och nach ... Stêt de' op wârem ... onverstânech ... rücksichtslos.. fir ze verbrennen ... (lét den Hiewel zimlech brüsk em)
Do ... Kê Wonner wann et engem schlecht get.. (Si mecht sech matt hîrem Schnappech Loft a setzt sech erem hanescht ...) So' ... pff.. ff . lo get et engem mol

e besche besser ... pff...fff... E Gleck nach , dass ech direct bis an des Voiture kom sin .. di âner sin alleguer struppvoll ... Hoffentlech kent hei net zevill eran ... Dât Gedrecks .. pfff. . Dât kann ech jo êmel net verdroen.. êmôl net .. pff..fff fff...

(Iwerdem kent eng zimlech go'ereg Frâ eran . E Schâl um Kapp zimlech deck u gedo an e Pelz am Hâls .. si schuddert sech:

Brrr ... brrr .. Eso' eng Kelt ... ôm des Zeit ... brr.. (helt sech de Back un ..) Do soll ên enger Newralgie lass gin .. (kuckt rondem) Natirlech .. we' emmer .. d'Fönsterer all gro'ss op ... Onerhe'ert .. Wo' kann e Mönch bei der Kelt d'Fönsteren op mâchen .. Keng Rücksicht .. kê Verstand .. Madame , Geng et iech net derange'eren wann ech d'Fönstere geng zo'machen .

- I. (fir sech) Dât huet och nach grad gefelt .. (zur Madame) Wann et iech kâl ass .. Madame , da mât s'alt zo' ..
2. (frendlech) Merci Madame .. (fir sech,an engems ass se d'Fönsteren erem erop zitt) 't schengt si ass navell net enchante'ert , dass ech d'Fönsteren well zo mâchen .. 'Der' decker Tulepant wârt et natirlech elo ze wârem gin ..
- I. (bekuckt di âner net gra' frendlech a set fir sech) De' âi go'ereg Rapp ... Wo' soll eso' e Gestell och net lieweg erkâlen .. kê Fett op de Rebber ... (zur Madame) Da sitt der och net fir an den Zug gang ..
2. (setzt vis à vis) Wo' denkt der hin ... Wo' alles eso' strupvull ass ... ech duecht , du gês elo lâscht den Zug bis bei di lescht Voiture .. an e Gleck .. ânerwartz kent ech et jo net aushâlen .. Emmer stin d'Fönsteren op wann eso' vill Leidd dobanne sin .. an dann hun ech schlägme'sseg eng Newralgie .. Dien Durchzog .. et ass net auszehâlen ...
- I. Mir mecht dât neischt aus ... Ech gi stierweskrank wa keng Fönster op ass .. De' dompech ,steckseg Lôft .. pff.. schlägme'sseg hun ech e Cauchmar ... an dann dien Tubâksdamp ... et ass einfach net auszehâlen ...
2. Do kennt der iech dach gudd höllefen ..
- I. We' mengt der dât Madame ?
2. Ma da gitt einfach an Non-Fumeur setzen ..
- I. (lâcht) Non-fumeur ... We' wann och nach ên hei duerop uecht deng .. Ech mengen et ka kê me' franze'sch liesen .. Si patschen dach an Non-fumeur grad eso' we' ânerwartz .. an da sôt emol eppes ... Da ke'mt der sche'n un ...
2. Do hutt der recht ... Ausgelâcht git der ... richtig ausgelâcht Si mengen dir wârt vun der âler Erd ...
- I. (blesse'ert) Ech ... ech vun der âler Erd .. o be merci ..
2. Nên .. ech mengen .. am allgemeinen ... de' de net fônnen .. de' gin eso' betruecht ..

1. Ah so' ... jo .. do hutt der recht ... mé wann s'et we'ssen ..
All de' Patscherten .. de' si vun der âler Erd .. Hutt der dann
net schon anuecht geholl dass eng ganz Partie vun dene feinen
jongen Hâren net me' fômmen ...
2. Durfir fânken da secher elo d'Frâleit un ...
1. Jo .. t'ass wo'er ..durch d'Srôss kommen se well scho fômmen ..
Onerhe'ert ... zu eiser Zeit hätt êh dât emol solle riske'eren ..
2. Wât wellt der hun , Madame , d'Welt ass eben op der Kopp ..
(Iwerdem he'ert ên vu baussen Hengerkrêsch .. Et kann imite'ert
gin , me' et muss ganz natirlech wirken ,wann net , le'sst ên
et lè'wer ganz eweg. Di zwo' Fraen kucken aus .)
1. Wât kent dann do?
2. Secher eng Frâ de' op de Mârt gêt .
(Iwerdem kent eng Frâ matt vill Gedeisch eran an all Arem huet
se e gro'sse Kuerf .. setzt ên op de Buedem dien âneren tescht
sech an di go'ereg Frâ bei de' sech zimlech ônstândlech setzt .)
2. (rekt sech zimlech bemierkbar vun Kuerf eweg et set fir sech
iergerlech) Eso' eppes huet och nach grad heibanne gefelt ..
An ausgerechent bei mech setzt se sech ... rücksichtslos ..
einfach rücksichtslos.. wo' dach ânerwârtz nach Plätz ass ...
3. Derange'ert de Kuerf iech net zevill ... Ech hâlen en gâr bei
mer (si let an engems d'Hand op den Deckel) 't sin Hunnen dran,
ech muss den Deckel emmer zo'hâlen op êmol sto'ssen se mer en
nach op ... E stecker 6 Hunnen .. di Kêrelen si scho stârk ..
2. (fir sech) De' ge'ne'ert sech net ... et mengt ên tatsâchlech
et wâr ên an engem Hengerjuck .. Dié Geroch.... schrecklech ..
(zur Mârtfra) Wann et iech neischt ausme'ch.. Madame .. ech hätt
ower navell le'wer dir ge'wt de Kuerf hei eweg huelen.. Dié
Geroch ass e besche stârk .. ech verdroen en net ..
3. (fir sech) Wât e vermâcherlecht Steck Miwel ... Lâcherlech ..
Soll s'och kê Poulet iesse können ... (zur Madame matt ge-
zwongemer Frôndlechkhêt) O dann entschöllegt Madame ... Wann der
den Hengergeroch net verdrot ... da setzen ech de Ke'skuerf alt
hier ...
2. (iergerlech)'tGet emmer me' sche'n ... Onverschîmt .. eso' eppes
soll verbuet sin ..
3. So' Madame , so' gêt et och ... Uff ... ff .. e Gleck dass ech
net eng âner Voiture gang sin .. do ge'f ech fôrmlech erdrecht .
1. (zur Mârtfra) Fuert der op de Mârt ,Madame ?...
3. Jo, Madame , et ass ê geplôt.. fir e we'neg Geld matt hêm ze
kre'en ... so belleg ass alles Di prachtvoll Hunnen , et
ass eng Schân ...
1. Belleg ?.... Ech fannen si sin dach zimlech deier ... Ech hun

deslescht nach ên bei Weber Soeurs an der Gro'ssgâss kâft , ech hun îwer honnert Frang bezuelt ..

3. Ech verkâfen meng net eso' deier ...

I. Jo secher ... dien hei war och ferdeg geplemt ..an ausgemêt ..

3. (wichtig) Ma duerfir grad ... misst en se se me' belleg verkâfen wât eng ... wo' ech en dach meng Plommen a mein Ômgere'tz matt- verkâfen ...

2. (fir sech) Ech muss ower geschôn eng Fônster op mâchen .. Besser nach eng Newralgie, ewc' eng Indigestio'n... Ech hâlen et einfach net me' aus ..

I. Ass et iech net gudd Madame ... Solle mer net ower eng Fônster opmâchen , we'nigstens bis den Zug fiert ..

2. Ech hun och geduecht ...

(Iwerdem se d'Fônsteren erem erôfmâchen, kent e jongt Medchen, zimlech burschikos geklêt matt zwo' gro'sser Valissen eran. Hatt kuckt sech di drei un a set fir sech îwerdem et seng Valissen ennert d'Still verstaute a sech setzt) :

Wât eng Gesellschaft Nu je , besser nach dât , we' an denen ânere Voituren gequetscht ze gin .

(Hatt schle't d'Bên îwerenên a fânkt un ze fômmen ..)

3. (resselt de Kapp) Wât en Hinkel ..

I.(fir sech) Wât eng Gâns

2. (ganz verächtlech) Eso' Gefiggel passt nach grad hier an dién Hengerjuck ...

I. Fuert der an d'Vakanz , Joffer ...

Medchen: (zemperlech) Jo ... eigentlech net ... ech fueren an d'Schweiz fir e puer Me'nt an eng Scho'l ... ech well mech nach e beschen ausbilden op künstlerischem Gebitt...

3. (fir sech) Hoffentlech vergêt dem d'Abildung bei der Ausbildung, mé gewe'nlech kommen eso' Elementer me' agebild ewe' ausgebild erem .. (zum Medchen) Hutt der dann Anschluss an der Stâdt ?..

Medchen: Jo, ech huelen die Baseler Schnellzug ...

I. (opgeregt) O hei kuckt do do kent eng Frâ , de' kann d'Hänn net bewegen

All mattenên: Wo' ...

3. Si kent hei eran ... de' ârem Frâ ... a wât soll der geschitt sin ..

2. Loss mer er se'er Dîr opmâchen (Si stêt op a wellt di âl Frâ , de' di zwo' Hänn , matt den Handflächen zo'enâner geke'ert, ongefe'er 45 cm. vun enên , um Arem eranze'en ..)

Me'mi : (dât Krêsch , oni d'Hänn ze bewegen) Nêh ... nêh.. um Gottes
wöllen ... packt mech net un Madame ... ech ..ech gi schon
êns ... (si setzt sech nidder an helt hir Hänn emmer zelvecht)

1. Kent êr Ärem guer net bewegen ...

Me'mi : Nê Madame ...

2. We' kont der dann êre Billet huelen ?.

Me'mi: O dât gung ganz gudd.. Et stong grad ê beim Guichet die mer
d' Sâch an d'Rei gemâch huet , en ass matt mer durch d'Spâr gang
an en huet mei Billet erem an Tâsch gestâch ...

3. Wo' kann e Mönch eso' eng Perso'n eleng fuere lossen... Hutt
der Peng Madame ?...

Me'mi , Ne' Madame

Medche (fir sech) Wât ass dât eng Gelungen ... Ech we's nôhme gâr
wât de' hätt

1. (zu denen zwo' âner) De' Frâ ass bestômmt gelähmt....

3. Schreklech, wann e Mönch seng Ärem net me' ka bewegen ... A
wie geng mir meng Kierf op de Mârt droen Bedenkt emol..
dât wâr net auszedenken ... De' ârem Frâ ...

2. Fuert der an d'Stâdt , Madame ?.....

Me'mi: Jo Madame , ... ech hât t'iescht navell sollen op Ettelbreck
fueren ...

Medche: (fir sech) Ech hu mer et jo direct geduecht .. do klappt
eppes net ..

1. (entgêschtert) Op Ettelbreck de' ârem onglechlech Frâ ..

Me'mi : (fiert virun) : an du huet mei Mann ower gesot ech soll an
d'Stâdt fueren

2. Bei den Dokter

Me'mi : Nêh bei de Gilly

3. We' bei de Gilly Dien kann iech dach net höllefen ..

Me'mi : Me dach ... ech soll mengem Mann Schong kâfe goen.. hei hun
ech d'Môs vu senge Schong ..

1. Wo'

Me'mi: (wichtig) Ma hei ... wât eng duerfir kann ech meng Ärem
net bewegen .

2. Wât Leidd sin awer op der Welt ...

(Iwerdem kent de Schaffner eran)

A wuer fuert dir dann ?.....

All mattenên : an Stâdt

Schaffner : Wann der hei setze bleiwt ,ower net ... Hutt der dann
net gelies wât op der Voiture hei stêt ?....

I. (erfe'ert) Wât dann

Schaffner : ma dass se ôfgekrempt ass Wann der gâr an Stâdt
fuert , da get et elo he'ch Zeit ... an enger Minutt
fiert den Zug Se'er ... klammt nômmen hurteg an
di Voiture hei niewen un ...

(Si lâfen alleguer opgeregt durchernén , huelen hirt Gepäck
a stîrmen eraus an engems ass se sech iergeren :

1. Se'er ... se'er .. . ech muss onbedengt haut an Stâdt ...
3. An ech op de Hârt .. ech muss denen Hunnen haut lass gin ...
2. Iso' eppes huet mir nach grad gefélt ...

Medchen: T'ass ferdeg ... elo muss ech bestômmt stoe bis an Stâdt..

Me'mi : (de' e Moment net uecht get an d'Hänn um Kapp zesummeschle't.)
Mei Gott ... mei Gott ... (gleich drop helt se anuecht dass
se d'Hänn bewegt huet a le'sst sech erem zreck op de Stull
fâlen ... O ech Dabo ech Dabo

Schaffner (opgeregt) Daje ... Madame , daje Wann der nach wellt
matt fueren

Me'mi : Ech (si heft sech a gêt lues aus) Et huet kên Zweck
me' fir mech ... ech gin erem hêm ... ech hun d'Môs vun eisem
Jang senge Fe'ss dach verluer

(J.St.)
